

**Madame Minister,
Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an dir Hären,
Léiwen Leopold Hoffmann,**

Wéi ech d'lescht Joer am November gefrot gouf, fir haut den owend iwwer de Leopold Hoffmann ze schwetzen, war ech e bësselchen schlecht drunn. Well am Géigesatz zu ville Kollegen, hat ech de Leopold Hoffmann nie an der Schoul, weder am Lycée nach um *Cours supérieur*. An obschon ech e puer Joer an deeër Schoul geschafft hunn, wou och hien laang Joeren enseignéiert huet, hunn sech eis Weeër am Athénée nët gekräizt, an ech war dofir och nie seng direkt Aarbechtskollegin. A wéi ech dunn de Leopold Hoffmann perséinlech kenne geléiert hunn, war hien net méi Prof, mee de Schrëftsteller, den Doyen vun de Lëtzebuerger Literaten, Member vum PEN-Club Däitschland, vun der Schrëftstellervereenegung *Kogge* a vum *Institut grand-ducal- Section des arts et des lettres*. Hie war de Laureat vum Batty-Weber-Präis 1993, vum Kulturpräis vum Cliärrwer Kanton 1989 an den Auteur vu Bicher wéi *Reflexe und Reflexionen*, *Gegen den Tüchtigen ist kein Kraut gewachsen*, *Stress und Stille*, *Wer will schon wissen, wie spät es ist*, *Risse im Putz*, *Meinetwegen so was wie Liebe* oder *Gebrochener Zeitschein*, fir nëmmen déi ze nennen.

Ech hu mech och erënnert un deen Dag, wou hie mir zu Miersch am Café littéraire vum Servais-Haus den Du ugebueden a gesot huet *Du wees, ech hu vill Nimm. Sich der deen eraus, deen der am beschte gefällt*. Fir mech war et kloer, dass de Mann mat dene ville Nimm, den ech gelies hat, ier ech e perséinlech kenne geléiert hunn, nët de *Stucka* wier, nët de *Leopold* a nët de *Pol*, mee de *Poldi*. Fir mech hat hien och net nëmmen vill Nimm, me och vill Stëmmen a Gesiichter: *Der Literat Anatol hatte stets ein paar Eisen auf Sparflamme*.

Um Programm steet, ech géif eng *Laudatio* halen. Dat héiert sech un, wéi wann ech Luew an Tadel, Lorbeer- an Däererekränz ze verdeelen hätt. Dat steet mer net zou, awer ech well versichen, dem Poldi mäi Respekt, meng Bewonnerung a mäin Attachement ze soen, an ech wëll probéieren ze verstoen, wat hien fir eis Generatioun bedeit. Erlaabt mer dofir, nët mat engem falschen Usproch op Vollständegkeet e komplette Portait vum Geéierten ze entwerfen, mee dräi Facetten vum Auteur Leopold Hoffmann ze beliichten:

1. den Erzieler vun der neier Subjektivitéit
2. de *poeta doctus*
3. den Aphoristiker, Mikrogeschichtenerzieler a Lyriker

1.

Eng vum Poldi senge Liesungen, déi ech ganz besonnesch an Erënnerung behalen hunn, war déi bei de Clierfer Literaturdeeg 1985. Hei huet de Clierfer Schoulmeeschteschjong en Text iwwert seng Kandheet zu Klierf gelies, déi Uertschaft, déi hien spéider als *sicherer Fluchtpunkt* bezeechent huet. Et ass den Text *Damals in Clerf*, de mer haut den owend an enger Vertounung vum Camille Kerger héiere wäerten. Beim spéidere Noliesen war ech erstaunt, dass deen Text, den sech beim Nolauschten wéi eng extrem präzis a geraffte Prosa unhéieren huet, vum Auteur als Gedicht verstane gouf. Déi Fonctioun, déi bei der Prosa d'Interpunktioun iwwerholl hätt, erfëllt hei den Émbroch a Versen mat engem wuel doséierten Enjambement. Den episodische Charakter vum Gedicht awer, d'Erziel- an d'Erënnerungsstruktur, réckelt dat Gedicht an d'Noperschaft vum Roman vun der *neuen Innerlichkeit*, vun der neier Subjektivitéit, den och hei zu Lëtzebuerg eng bedeitend Phase vu Creativitéit ageleed huet an de *Neie Lëtzebuurger Roman* ervirbruecht huet. Nu brauch awer dem Poldi seng Exploratioun vun der *Innerlichkeit* keng Korrespondentin zu Berlin, wéi beispillsweis d'Juliett beim Roger Manderscheid senger Romantrilogie, an och ke *Monologue intérieur*, wéi beim Guy Rewenig sengem *Hannert dem Atlantik*. Dem Poldi säi Réckgrëff op d'Subjektivitéit bleiwt sachlech, präzis a knapp, an bezitt hir Spannung vun bannen.

*Mein Vater der Lehrer
schickte mich
in die Hoh
um zu sehen
warum Pierre
schon eine Woche lang
nicht zur Schule kam
Ich ging gern hin
weil ich raus konnte
aus der Schule
Pierre lag in einem
chaotischen Durcheinander
zwischen vielen leeren Flaschen
auf einer Matratze
Die Mutter war tot
Der Vater war nicht da
Ich war genau wie er 12
und versuchte ihm beizubringen
daß er zur Schule kommen müßte
Pierre gähnte und gab unverständliche Laute von sich
Ich mochte ihn sehr
und ließ ihn schlafen*

*Meinem Vater berichtete ich
daß Pierre bettlägerig sei
Ich wußte damals nichts
von Alkoholismus
Ausbeutung
Verwahrlosung
Verzweiflung und Resignation
Pierre lag im Bett
und kam nicht zur Schule
Und das war es eben*

2.

En zweete wichtegen Ament vum Leopold Hoffmann sengem Schreiwen ass d'Reflexioun, d'Reflexioun iwwert d'Schreiwen ganz allgemeng, dat eegent Schreiwen an d'Literatenexistenz. Dat ass keen Zoufall, well hien ass Schrëftsteller a Literaturwëssenschaftler zugläich. Hie verkierpert anesoufern d'Ideal vum *poeta doctus*, op dat e Walter Jens sech esou gär beriff. Aus dem Poldi senge literaturwëssenschaftlechen Aarbechten iwwert den Albert Höfler, den Ernst Koch, den Nikolaus Hein, aus sengen publizistesche-literaturkriteschen Artikelen an der Rubrik *Von Büchern und Menschen*, stecht ee Wierk ganz besonnesch eraus, seng Aarbecht iwwert den Heinrich Böll. 1958 zu Lëtzebuerg iwwer en däitschen Auteur ze schreiwen ass nämlech keng Selbstverständlechkeet. Dem Poldi awer geléngt et, mat sengem Essay, de spéider zu engem Buch ausgebaut gouf, de Lëtzebuerger e vun dene bedeitendsten zäitgenösseschen däitschen Auteuren, deen nëmmen zwee Joer méi jonk war wéi hie selwer, méi no ze bringen, an dat op eng Manéier, déi bewosst op literaturwëssenschaftlechen Schnickschnak verzicht. Do gëtt et keng Faktenhuberei, kee germanistesche Brimborium a keen Iwwerhandhuelen vun der Sekundärliteratur. Am Mëttelpunkt steet déi eege Lektür vum Böll sengen Texter. An nawell mecht de Leopold Hoffmann eng décidéiert international Lektür vum Böll. Hien huet ganz däitlech den Zesummenhang mam zäitgenösseschen engleschen an amerikaneschen Erzielen erkannt. Sou gëtt *Billard um halb zehn* mam Joyce sengem *Ulysses* verglach, an de Böll gëtt an eng Rei gesat mam Sartre a mam Mauriac. Um Lëtzebuerger Hannergronn ass dat Buch awer méi wéi nëmmen eng Böll-Interpretatioun; et ass och en impliziten an indirekten Auto-Portrait vum Auteur. Do ass Rieds vum *einsamen Vorposten*, vum Nonkonformismus an der Risikobereitschaft vum Schrëftsteller. *Ein Hort der Freiheit* soll d'Wuert sinn, an de Schrëftsteller en *écrivain engagé*. Fir déi kommend Generatioun vun Auteuren, denen hir literaresch Sozialisatioun zu engem Deel an der Schoul ageleed gouf, huet dem Poldi seng Böll-Lecture e liewegen Ussproch op d'Schreiwen verkierpert an de Wee gewisen zu engem Liewen, an dem d'Literatur eng Haptröll spille sollt.

3.

Wann een de Poldi als Lyriker charakteriséiere wëll, fällt engem direkt dat an, wat hien secher nët ass. Hien ass weder e *Wald-und Wiesenlyriker*, nach e *Nobelliterat*, well déi charakteriséiert hien folgendermoossen :

Der Wald- und Wiesenlyriker

nutzte

jeden Augenblick seiner Existenz

als glücklichen Teil

seiner Ewigkeit.

Oder

Der subtile Nobelliterat

sagte Sie zu seiner künstlichen Kunst

und duzte die ganze Menschheit.

Nach eng ganz Rei vun esou Literatefiguren, déi de kritesche Spiegel virgehale kréien, gëtt et am Wierk vum Leopold Hoffmann. Si sinn zu engem Deel Géigestand vun der Satir, zum aneren Projektiounsfläch vun der eegener Sich no Identitéit. Am léiwsten géif ech de Leopold Hoffmann e Konzept-Lyriker nennen. Well vill vu senge Gedichter dréien ëm e Begrëff, e Paradox, a versichen deen an enger geschlaffener Sprooch ze faassen.

Das Leben ist

ein Leerlauf

eine Intensivstation

eine Expansivstation

Man nutzt den Ausgangspunkt

zur persönlichen Inexistenz

zum Höhenflug

zur Menschwerdung

zur persönlichen Völlerei

In jedem Fall

ist die Ausgangsstation

eine Endstation

auf mehr

oder weniger

kurze Distanz

Typesch ass den Asaatz vun der Antithese, de Gebrauch vu Friemwieder à la Bann, vu Neologismen, Stakkatorythmen a Substantivstil. D'Resultat vun dene Mikrophiloscouren ass awer keng hochtrabend Wourecht, mee eng Alldagsweisheet, en Usproch zur Liewensféierung, eng Maxime vun enger

praktescher Moral. An dat lyrescht Gefill, dat - virwat nët- e barocke *memento mori* ka sinn, entsteet a negativer Dialektik, dou wou den Text keng Wieder méi fënnt.

Et handelt sech ëm déiselwescht Verfahren, déi esou typesch sin fir Aphorismen an d' Mikrogeschichten vum Leopold Hoffmann. De Leopold Hoffmann ass nämlech e Meeschter vun der fragmentarescher Kuerzform. Hien hannerléisst honnerte vun Splitter, Spéin a Microtexter. Et sin narrativ-diskursiv Konzentrater, déi Geschichte erzielen, esou wéi fréier d'Standphotographien an de Vitrinen vun de Kinoen d'Geschicht vum ganze Film erahne geloss hun. Am Mëttelpunkt stinn Helden, déi éischter Typen wéi Individuen sinn, an d'Resultat ass d'Entlarven vun engem Laster. D'Mëttel dozou ass hei wéi do de Paradox an d'Iwwerspëtzung, an dohannert steet implizit en alternative positive Wert.

Wachs

Als Melchior starb, sah er in einer letzten Vision ein Wachsfigurenkabinett mit sehr vielen Wachspuppen, seinen früheren Geliebten. Alle waren wächsern, teilnahmslos.

Een Thema dat an ville Gedichter, Aphorismen an Mikrogeschichten vum Leopold Hoffmann erëmkënnt, ass d' Verhältnis vun de Generationen.

Generationenkonflikt

Mit 50

war er

ganz anders betrunken

als der jugendliche Tresenhocker

nebenan

Er fand nicht mehr

so den rechten Kontakt

zu der jüngeren Generation

Ihre Sprache war ihm fremd

Sie fanden ihn

lästig überflüssig

passé

Der Generationenkonflikt äußert sich

in vielfältigen Aspekten

subkutanen Motiven

semantischen Differenzen.

Wat sech hei op e 50jähregen a méi jonk *Tresenhocker* bezitt, huet en däitlechen Bezug zur Realitéit a léisst sech och op aner Beräicher bezéien, op d' Lëtzebuurger Literatenszenen z.B. an deeër de Poldi eng wichteg Roll spillt. Mir, déi Enn de 40er, Ufank de 50er Joeren gebuer gouwen, déi sech heinsto gär als

68er oder Spéit-68er verstinn, ginn dem Poldi oft op d’Nerven, mat eisen politiséierten Diskussiounen, mat eise affichéierten Emanzipatiounsproch, mat der Aart a Weis, wéi mer mat eise Kanner ëmgin. Dem Poldi seng däitlech spierbar Loscht, eis vun Zäit zu Zäit d’Leviten ze liësen, verhënnert awer nët, dass hien fähig ass zum Dialog, zur Unerkennung an zur Solidaritéit. Am literaresche Liewe vun haut ass de Poldi dofir ouni Zweifel eng vun de wichtegen Integrationsfiguren, manner de Repräsentant vun enger Generatioun, wéi de Garant vun enger komplizierter an nët ëmmer selbstverständlecher Kontinuitéit an der Differenz.

Poldi, och dofir soe mir Dir Merci a wënschen Dir der bei deng 88 op d’mannst nach eng Dozen derbäi.

Germaine Goetzinger

26. März 2003